FSCL - GT jeunes Réunion 14.02.2023

Präsensen : Claude Magar, Spautz Richard, Suzie Godart, , Marco Schmit,  Romain Engels

Exc.: Camille Dahm, , Dirk Pütz, Fränk Schleck, Fränk Weicker, Guy Kruchten

**Rapport**

De GT-jeunes huet decidéiert dass mer eis an Zukunft Donneschdes, um 19.00 Auer sollen treffen. Duerfir awer net méi an der Maison des Sports mä et gëtt en aneren Versammlungsraum gesicht.

De R. Spautz informéiert dass aktuell 42 nei Lizenzen ugefrot sinn.

Fir dass Gudionsplaken virun den éischten Coursen kënnen à jour gesat ginn, proposéieren d'Memberen vum GT – jeunes, dass all Demanden vir eng nei Lizenz  bis spéitstens den 01.03.2023 an FSCL sollen eragereecht gi. Dat sollen all Veräiner esou schrëftlech matgedeelt kréien.

De GT-jeunes proposéiert dem CA dass si vir den Alex Magar, deen vill um Niveau vum Design vum Technikofzeechen geschafft huet, him eng eemoleg ugepassten Indemnitéit ze accordéieren.

Wat d'Organisatioun vum Technikofzeechen 2023 ubelaangt, sollen all Veräiner geschriwwen kréien vir hier eventuell Kandidatur ze stellen. Den Datum bleift nach ze fixéieren. Dëst Schreiwes soll separat gemaach gi, also net gläichzäiteg mat engem Schreiwes, wou eppes aneres  thematiséiert gëtt.

Spillfest vum COSL ass dëst Joer Donneschdes, den 18.05. De R. Spautz kontaktéiert déi Persounen déi potentiell bereet wären vir ze hëllefen vir dass mer preparéiert sinn wann den COSL eis Federatioun an dem Kontext kontaktéiert.

Eise GT stellt fest dass  ob der homepage vun der FSCL uewen eng Rubrik  „Dates“ besteet, déi awer zimmlech oniwwersiichtlech ass wann een déi uklickt. An enger weiderer Rubrik steet ënner „Infos“ – „Calendrier en listing“.

Eise GT proposéiert dass dat iwwerschafft gëtt, an de „Calendrier en listing“ esou konfiguréiert gëtt, dass en z. Bsp. méi einfach ze printen ass, dat am Sënn vu méi einfachen handling an Transparenz, speziell vir all déi nei Leit déi net wéi d'Insider Informatiounen sichen, wat Datumen vun de Manifestatiounen ubelaangen.

Suzie Godart informéiert doriwwer dass et dëst Joer virgesinn ass beim Depart vun der Flèche du Sud Mëttwochs den 17.05 a Sonndes den 21.05. bei der Arrivée eng „Kanneranimatioun“ ze organiséieren.

"Clever Move" vum Educatiounsministère/Script organiséiert den 07.06 um INS tëschent Mueres 10.00 a Mëttes 15.00 Auer Vëlosaktivitéiten. Déi di do vun eiser FSCL eng Hand mat kënnen upaken si welcome !

Animatiounen ronderëm de Vëlo sinn ob Wonsch vun der Stad Lëtzebuerg, och vum Saf Zéisseng an der LP Mühlenbach Sonndes, den 30.04. virum Depart vun der 2. Etapp vum FESTIVAL ELSY JACOBS  beim neien Stade de Luxembourg geplangt.

De GT-jeunes wollt och informéiert ginn wat den Inhalt vun der Konventioun déi tëscht der FSCL an dem ACL gemaach gi ass, wat Notzung vun der Karting-Pist zu Mondercange ubelaangt. Dat eventuell en vue vun der Orga vum Tchnikofzeechen an Zukunft

Di nächst Reunioun vum Gt-jeunes ass vir den 16.03.2023 um 19.00 Auer geplangt. Wou d'Reunioun organiséiert gëtt kënnt mat der definitiver Invitatioun.

Re – 15.02.203